Bd. No 19

# Eng Schwe'ermamm ve'er Edemen an e Papagei

E juxegt Steckelchen an engem Akt

vum

✠ ✠
✠

3. OPLO

1950
Drock a Verlag vum P. WORRÉ - MERTENS
Letzeburg

## PERSO'NEN:

*Michel Bangerech,* pensione'erte Feldwebel vum Kontingent.

*D'Marjänn,* seng Fra.

*De Vik,*
*De Jang,*
*De Benn,*
*De Batty,*
} hir 4 Edemen.

**Notiz fir de Régisseur:** Fir Vereiner, de' sech de Spâss erlabe können, ass d'Scên 9 beigefleckt, wo' de 4 Edemen hir Fraen (d'Anna, d'Finny, d'Gre'tchen, d'Marie) optrieden.

*All Rechter virbehal.*

Scénerie: Eng gutt birgerlech Stuff. An der Mett e gro'ssen Desch, an engem Eck e Kanapé, an dém anren eng Wandauer. 2 Klubfotellen. Op engem Deschelchen bei der Fenster e gro'sse Vullekurf; d'Dirchen dervu stêt op.

## 1. Scén.

*Den E'm Misch. Seng Fra* (hannert der Bühn).

(Den E'm Misch kent op de Stremp an an der Box zur Seitendir eragelaf; hannerun him fle'en d'Schong, de Gilet, de Paletot, Koll a Kravatt, d'Manschetten, Hutt, Bengel a Prappeli op d'Bühn. Den E'm Misch weicht all Ke'er aus, wann èppes geflu kent).

*D'Marjänn:* (hannert der Bühn) Do, du Drâch! Dat le'ert dech opston, wann ech dech ruffen! (D'Dir get zo'geschlon).

*Den E'm Misch* (hieft verzweifelt d'Ärm an d'Lûcht a le'sst sech an e Fotell falen): Donner an Doria! Eso' èppes ass mer nach net passe'ert! Dat gêt dach e bësche weit! Eso' e rosent Mensch we' dat dobannen get et am ganze Grand-Duché net me'! O, et ass onerhe'ert, wat ech mer elei gefale muss lôssen, ech, e Mann we' ech, nobel a fein, de'kore'ert mat der geldner Medaill vum Echelafurden, mam goldne Kreiz vum Hausurden Adolf vun Nassau, mat der Vermeilmedaill vum Zäringer Le'f a vum weîssen Elefant, mam 30-jährege Militärdengschtkreiz mat der Kro'n, etc., etc. Donner an Doria! Sin ech Hèr am Haus oder net! Elo

ass et schons fir d'drett, dass se mer desen Tour spillt, fir mech aus dem Bett ze dreiwen. Rumm! reisst dén Onverstand all Fensteren an Diren weit an affen op, mecht en Durchzug we' an der Hèll, bumm! werft se zwê, drei Still em, rappt d'Dècke vum Bett erof, ze't d'Leindoch no, égal ob ech potzpuddelnakeg do leien a mer der Do'd oprafen, égal ob de krommen Ugên a seng schiel Fra doiwer op der Fenster leien, sech de Spâss ukucken a sech e Bockel voll lâchen, égal ob all Gâssekanner an der ganzer Stâd mer noruffen a mam Fanger op mech weisen. A firwat dén Zodi, de' Furie? A, d'Madame muss d'Zemmer leften, murges, an aller Pèrdsfre', em 6 Auer, wann ê grad eso' gutt mockeleg a senger Kautsch leit an eso' sche'n dréme kann. Sie muss leften! leften! O, et ass fir aus der Haut ze furen, fir ze baschten! Eso' e Framensch huet der Deiwel mir an d'Haus bruecht. Mè wart, meng le'f Al! Bei Philippi sehen wir uns wieder! Ech wèrd dech nach fannen. Du kriss eng agedun, datts de nach lâng drun denks! Ech wèrd der scho weisen, wien elei Hèr a Mêschter ass!

### 2. Scén.

*Den E'm Misch. Seng Fra Marjänn.*

*Marjänn:* (kent eran, ferdeg ugedun, de Prappli a Marktkurf bei sech) A mat wiem hues du dech? Wat ass dat fir e Getoz, wats du elei fe'ers?

*E'm Misch:* Ech! ech hu nach kê Stirweswirtche gesot!

*Marjänn:* Dat mèngen ech ower och! Ech ge'f der net roden, nach lâng ze ruspette'ern! Wèll wann ê schons eso' al ass we's du an dobei nach eso' dabozeg, da soll ê nemme stell sin a sech an e Meisslach verkrauchen.

*E'm Misch:* Ech erlabe mer ze bemirken, datt e Mann we' ech, nobel a fein, dé fennefmol dékore'ert ass, onme'glech dabozeg ka sin.

*Marjänn:* Emmer me' sche'n! Elo get den alen Nar och nach ruckelzeg frech! Kent nuets em 2 Auer . . .

*E'm Misch:* Pardon, halwer zwo'!

*Marjänn:* 2 Auer, son ech, an da wor et 2 Auer! kent also' em 2 Auer erêmgebeselt, voll an doll . . . .

*E'm Misch:* Pardon. lîcht ugerâcht! «Leise angesäuselt» hun ech an eso' engem Fall a mei Rapport gesat . . . .

*Marjänn:* Wat! Stèrebletz, kano'nevoll wors de . . . .

*E'm Misch:* Pardon, ech . . . . .

*Marjänn:* Hal de Mond zo', wann ech schwätzen! Also' e kent, mecht e Spektakel zum Dreideiwel, dédegt mat sech sèlwer op der. Strôss, fent d'Schlessellach net, flucht we' en Héd a rabbelt un der Dir, datt d'ganz Noperschaft an d'He'lûcht firt. Dobei leien ech zenter 11 Auer do, kre'e kên A zo', froe mech all Ableck: «A wo' bleift en? 'T wèrd em dach net en Ongleck geschitt sin!» Et schle't halwer zwielef, zwielef, halwer eng, eng, halwer zwo' . . . .

*E'm Misch:* An du ko'm ech . . . .

*Marjänn:* Jo, du ko'ms de . . . .

*E'm Misch:* Geseis de, du ko'm ech! Lo sés d'et sèlwer!

*Marjänn:* D'Strôss erof, jo, ower du wors de. nach lâng net heiuewen. An dé Spektakel an der Trap ......

*E'm Misch:* O, wann ech gelifft! Ech hat d'Schong schons dobaussen op der Strôss ausgedun.

*Marjänn:* A so', da wêss ech elo, wo' dén ê leit, wèll dén aner hun ech an der Trap fonnt . . . . .

*E'm Misch:* An dat ass meng Schold net, a nên! Kê Mensch hätt mech gehe'ert kommen, mè wann obémol e Schrèckgespenst sech engem am Läpp an an der Deischtert op der Trap entge'ntstèllt a mat den Ärm em sech facht we' d'Flillecke vun enger Wandmillen, da soll der Deiwel net vu Schrèck seng Schong fale lôssen. . . .

*Marjänn:* Nun he'er e Mensch, we' e sech erausried! Nê, mein Alen! E Mensch, dén e gutt Gewessen huet, dé brauch seng Fra net ze fèrten, a wa s'och honnertmol

am Läpp vrun em ste'ng. Ower watfir Spreng dir versoffen Henkele mat, dat hun ech herno gehe'ert. Leit e jo net we' d'Onschold sèlwer am Bett a ronkt, datt d'Fenstere rabblen an ech kên A zo'di kann.

*E'm Misch:* Jéjé, dat behapst du eso'. Ech hu neischt dervu gehe'ert.

*Marjänn:* Dat ge'ng och nach félen, datts du alles he'ere misst. Ganz gewess häss de dann net eso' éfälleg gelâcht a gesot: «Ketty, mein Engel, breng mer nach eso' e Pättchen!» Mè ech wèrd der den Engel verdreiwen, lôss nemme gewèrden, an dén aneren Hènkemettien och. Hautt de Murgen gin ech bei hir Fraen, an da gi se gewur, we' dir et dreïft, an da wèrd der emol gesin, wat der Feier bei d'Box gemat kritt. Dat Doremmerlafen an Huckegon kritt en Enn, ê fir allemol en Enn. An ons ve'er Edemen kre'en et och gesot, wat fir e proppere Schwe'erpapp se hun. De' wèrden net grad ho'freg sin.

*E'm Misch:* Dat elo hues de schons zwanzegmol gesot. Zenter datt mer dat Ve'de'er am Haus hun, mèngs du, du misst him Konkurrenz man a sés alles dausendmol. Mè wart! Ech sin dès e'wege Geleiers midd. So' secher we' ech bei dem ale Kinnek Wellem zo' Colmerbirg Poste gestan hun, so' secher dre'en ech dém maulege Be'scht den Hals em, da brauchs de dei Joly net me' nozeafen.

*Marjänn:* Wat, du, du a mengem Joly den Hals emdre'en! Dat gese'ch ech gèr! Arme Gîf, déns du bass!

*E'm Misch:* Wart nach e beschen! Da wèrs de schons gesin, wat ech fèrdeg brengen!

*Marjänn:* Dat welle mer dann emol ofwarden. Do sin ech ower och nach do! Jolychen, mei Jong, wo' bass de: Komm bei mech! — Hei, we' ass dat? De Joly re'ert sech net. Hei, wo' ass en?

*E'm Misch:* Wo' soll e sin? A senger Chamber garni, natirlech.

*Marjänn:* (erschrèckt) O Mamm, o Kanner! D'Vullekurfsdir stêt op an d'gro'ss Fenster och! De Joly ass fort!

*E'm Misch:* Menger werrech, en ass fort! Mè dén ass brav!

*Marjänn:* Hait mech un, soss geschitt en Ongleck! Dat wors du secher! Du hues en erausgelôsst!

*E'm Misch:* Wat e Gleck, datt dat Ve' durch d'Bascht ass! No dém kanns de nach lâng siche gon. Dat huet es och genug elei!

*Marjänn:* Dat De'erchen huet me' Verstand we's du an dei Klatzkapp!

*E'm Misch:* Dat son ech jo! Durfir ass et ugâng. Aplaz eso'vill vergiewes ze schwätzen, solls de schons op der Such no em sin. Da le'ss de mech we'negstens a Ro'!

*Marjänn:* A, ass et em de' Zeit! Mè, da wart! (Sie erwescht e Schong a werft dermat nom E'm Misch, dé sech hurteg zur Dir aus mecht. D'Marjänn werft em der Rei no nês alles no: Schong, Gilet, Hutt, etc. a sét bei all Worf) «Do, du alen (domme, greisslechen, verreckten etc.) Af! (Da kent se sech bei de Vullekurf setzen a kreischt).

Arme, gudde Joly! A wo' solls de dru sin? Wann ên nach eng kleng onschelleg Fréd huet, da gonnen de' èlle Menschen engem se mol net. Et ass émol zevill hârt, wat ech elei erdroe muss. All Dag kritt ên eng aner Spezio'n ugedun. Soen ech èppes, dann hêscht et ênzock: «Alen Dar hei, ale Grant do!» Elo hun ech vrun engem Mo'nt an der Lotterie vum Vullenzîchterverein dat De'erchen gewonn, dat mer emmer so' le'f entge'ngtrifft: «Vive d'Schwe'ermamm!» oder «Den E'mche sippt!»' oder «D'Edemen och!» Abé zenterhir sin s'all we' bènzeg hanneru mer, fir datt dé Be'scht nês aus dem Haus kent, dé schold drun ass, datt ech hinnen ewèll op den Dengscht oppassen. Abé, an ech gin en net eraus, a wa se sech op d'Kopp stèllen. An elo gin ech emol bei de' 4 Hèren Edeme kucken a gare dém senger, wo' ech eng Spur vum Joly fannen. (of)

### 3. Scén.

*Den E'm Misch* (eleng). En ass ewèll ganz ugedun, strèckt virsîchteg de Kapp zur anerer Dir eran a kent lues erageschlach. Mecht d'Dir lues zo' a marje'ert am Parademarsch em den Desch an der Stuff.

*E'm Misch*: Hoch das Bein, das Vaterland soll leben! D'Madame Feldwebel Bangerech, vru ve'erzeg Jor genannt «die schöne Marjänni», meng dûs a charmant Frächen, ass un a fort! An enger Roserei an d'Welt! Caramba, elo sin ech nês Hèr am Haus! (ie'sst sech an e Klubfotell falen).

Entelech emol eleng! Donner an Doria! Ass dat e Genoss! Wat wor dat elo nês e Kame'di am Haus! 'T ass gutt, datt de' aner Lokatären meng braf Mumm kènnen a wessen, datt et hir net eso' urg gemengt ass. Mè wa se an den Eifer gere't, da wär s'emstand, mir e blot A ze schlon. Un dém Geros wèrd wuel hiren ê Numm schold sin, ech mengen, ech schwätzen hir, se soll sech als zwêt Patre'nesch eng aner we' d'helleg Rosa auswielen. Jiddefalls ass et diplomatesch a strategesch dat klîgst, sech allemol, wa s'ufänkt, aus dem Steps ze man an de' al Madame futtern a krege'len ze lôssen.

Ech wette mei Kapp ge'ngt eng Uewepeif, datt se elo bei d'Edemen ass. Nondiflètsch, wat wèrden de' den Ducksall gestepst kre'en. Ech hat hinnen, als ale braven Zaldot, trei a loyal viraus ugedeit, watfir Naupen d'Schwe'ermamm in spe hätt. Mè eso' gêt et, wann ê verle'ft ass we' dem Schupp sein Iesel. Mir wollten de' gro'ss Lalaen net gléwen an hu le'wer mengen Diechter, hire Freieschen, nogelauschtert, de' natirlech hirer Mama hir Partie ge'ngt mech gehal. Elo setzen de' gewetzt Hèren mam Digel am Drèck a kommen all gudde Bro'tdag bei mech we'meren an unhalen. d'Schwe'ermamm ge'f en de ganze Stot d'ennescht an d'iewescht ke'ern, se he'len et émol net me' aus, se le'fe fort an Amerika, se ge'fen an d'Uelzecht sprangen,

sechersche'ssen an ophänken, a wat dès Gedéssems nach me' ass. We' wann ech hellefe könnt, wo' ech dach sèlwer, e Mann we' ech, nobel a fein, beklakt si we' en Hengerjuck, zenter datt dat Lo'derve', dé Joly do, am Haus ass, dé mat sengem Gejeiz meng Mumm emmer nês ge'ngt mech opsteppelt. A wat get dat, wa se hien net eremfennt! Wèll se mèngt ganz secher, ech hätt dem Be'scht d'Dir vum Vullekurf opgemat an e fle'e gelôsst. Himmel, ste' mer bei, elo kent se schons erem, ech he'eren s'an der Trap. Elo kann et sche'n gin. Gare la mine, wa se mech erdappt! (E verstoppt sech hannert de Kanapé).

### 4. Scén.

*Den Edem Vik. Den E'm Misch.*

*Vik:* (kent erageschoss, o'ni Koll a Krawatt) Nên, ass eso' èppes menscheme'glech! Eso' èppes huet d'Daglîcht nach net gesin! (E le'sst sech we' ausser sech op e Stull falen a wescht sech de Schwêss vun der Stir). Wann de Schwe'erpapp do net Mettel derge'ngt mecht, da lôssen ech mech schéden, 't kann alles neischt notzen, schéde lôssen ech mech. E fir allemol, ech brauch mer dat net bidden ze lôssen. Mè wo' soll de Schwe'erpapp sin? Dén ass do'dsecher och entlaf!

*E'm Misch:* (kuckt hannerm Kanapé eraus, mat Gêschterstemm) Hei ass en!

*Vik:* (firt vu Schrèck an d'He'lûcht) We'! Watfir eng Stemm wor dat?

*E'm Misch:* Meng!

*Vik:* Ech mènge bal, ech gesin d'Männercher. Et ass kên hei an ech he'ern dach schwätzen!

*E'm Misch*: Da kuck emol!

*Vik:* (dre't sech se'er em) Wa-wat! Dir, Papp, a wat der Deiwel mat dir do?

*E'm Misch:* Ech hu mech an eng gedeckt Stellong zreckgezun.

*Vik:* Vrun der Schwe'ermamm vleicht?

*E'm Misch:* A vru wiem da soss? Get et da soss nach e Wiesen op deser Welt, vrun dém e gro'ssherzoglech-letzeburgesche Feldwébel, dé sexmol dékore'ert ass, sech verfûsse ge'f?

*Vik:* Abé, Papp, da kommt ro'eg eraus! D'Schwe'ermamm ass op dem Trapp a kent eso'bal net erem. Iwregens hun ech mat Iech e ganzt seriöst Wurt ze schwätzen, wat sech net me' obschuppe le'sst.

*E'm Misch:* Also', wann d'Sâch eso' presse'ert, da kommen ech! (E klemmt hannert dem Kanapé eraus, kuckt sech de Vik vun enne bis uewe matlédeg un, schle't d'Hänn iwerm Kapp zesummen a sét gefillvoll) Und was hat sie dir, du armer Kerl, getan? Net gewäsch a net gekämmt, d'Bretellen hannen erof, a wo' kens du hir?

*Vik:* Mè direkt vun dohêm aus dem Bett.

*E'm Misch:* Mè firwat bass de dann net dra leie bliwen?

*Vik:* Do soll der Deiwel leie bleiwen, wann d'Schwe'ermamm engem obémol an d'Zemmer eragedosch kent an d'Dir an d'Fenstern weit an affen opreîsst an ê Schemmel a Blèss vernennt, ob dat erlabt wär, em halwer siwen nach am Bett ze leien. An onsem Alter wär sie all Dag schons em 5 Auer murges op de Bê gewiescht, Summer we' Wanter, an hätt d'Trape gewäscht, d'Strôss gekirt, de Kaffi gemat, d'Kanner ugedon, den Hond gebuet a wat wêss ech nach. Iwerhapt, Papp, sot mer dach emol oprichteg an e'erlech: Ass et wo'er, datt se emmer eso' fre' opgestan ass?

*E'm Misch:* Du kanns dach wuel denken! Vleicht zwémol am Jor, wa se grad net schlofe konnt. Soss lo'g se all Dag so' lâng we' mir an der Klapp, a me' we' eng Ke'er hun ech alt murges de Kaffi gemat, wa sie sech verschlof hat a sech dermat entschellegt, se hätt alt nês d'Midderchen. Hautt billt se sech dat nemmen eso' an, datt sie all Dag mat den Henger opgestan wär.

*Vik:* Abé, da löss se nach eng Ke'er domat ufänken! 'T ass gutt, datt ech elo Beschêd wèss.

*E'm Misch:* Em Himmelswellen, Vik, de' mer dat net un a so nemmen neischt, soss kommen ech bei hir nach me' de'f an d'schwârzt Boch! Da behapt se ganz gewess ech ge'f sie bei hiren Edemen erofman an da kann ech mech kieng halen, da get et sche'n.

*Vik:* (lét dem Schwe'erpapp d'Hand op d'Scheller, fir en ze bero'egen) Gutt! gutt! Ech kann de Mond halen!

*E'm Misch:* A wat sot d'Anna dann durzo'?

*Vik:* De' Kartengepriedegt wor natirlech fir hat gemenzt. Ech duecht firte'scht, se könnt em alt neischt schueden, wèll hatt kent wirklech muerges net liicht aus de Fiedern. Mè gês d'erem elo! Obémol fänkt s'och mat mir un: Ob dat erlabt wär, datt ech meng Fra muerges eso' lâng am Bett leie le'ss, ech misst e richtege Lappschwanz, eng wirklech Spullomp a Schlofkap sin, fir eso' èppes nozekuken. A wa sie meng Fra wir aplaz d'Anna, dann he'l se e Kro' Wâsser a ge'f mer d'ganz Jittecht hannebeiklaken, datt ech no 20 Jor nach drun denke ge'f.

Natirlech konnt ech mech obémol net me' hale vu Lâchen, et ass mer eso' entfur, et ko'm mer eso' erausgeplatzt, an du go'f se grad ere'scht foxwell a sot, ech ge'f eso' verjaust lâchen, wèll de Joly hir fortgeflun wir; ech hätt kên Hêrz am Leif, elo ge'ng se nach bei de Jang a ke'm dann erem kucken? ob mer nach emmer op dem faule Reckstrank le'gen a wat ech vum Joly we'sst. Mè sie hat knapps d'Dir hanneru sech, du hat ech schons d'Fox un, de Paletot erwescht a mech durch d'Peif gemat. Elo kann d'Anna kucken, we' et mat hir fèrdeg get, mè ech gin net me' iwer, bis d'Loft rènglech ass . . . .

*E'm Misch:* Jéjé, Vik, du bass dach soss kê Fèrtert. Ech hun elei eng ugemat se'ss Drepchen vum Hèr Paschto'er fir mein Dag geschenkt kritt, elo schmâche mer de' emol, an da kriss de Courage, gês iwer, a wa se

nach do ass, da schle'ss de mat der Fauscht op den Desch a sés: «Elei sin ech Hèr! Elei huet kèng Schwe'ermamm mir Gesetzer ze man. We' ass et, hé? Huele mer eso' e klengt Glieschen?

*Vik:* Dajé alt, Papp! Et ass wuel nach fre' am Dag, fir schons mam Schnickes unzefänken, mè fer Iech de Wellen ze din a well mer eso' enger onhêmlecher Bataljen entge'ngt gin ......

*E'm Misch:* Arme Jong, a wann's d'ere'scht a menge Schong an Huese wirs! (Schenkt an) Prost, Vik, 't gêt alles veriwer!

*Vik:* Prost, Papp! A, kuckt, wann Dir net wirt, ech we'sst net, wat ech schons gemat hätt.

*E'm Misch:* Mè so, we' ko'm d'Mamm da bis an èrt Schlofzemmer?

*Vik:* Ech wêss et och net. Obémol fle't d'Dir op, a wie kent eran: Sie!

*E'm Misch:* Dat le'ert iech, èr Kummerdir zo'spèren. Do häss de können an allerlé quokelech Situatio'ne kommen. Denk der nemmen, du häss am Caleçon dogestan. E Gleck, datt d'Sâch eso' gelend verlaf ass. Mè op dé Schrèck lôsst mer nach eso' eng kleng po'tzen.

*Vik:* Ech fèrten, eso' eniechter kre'en ech vun dèr Pasch-to'eschdrepchen eng al an de Batz. Se lêft engem we' Hunneg den Hals of, mè ech fèrten, de Rèscht kent no.

*E'm Misch:* Dat elei ass de' Drepchen, vun dèr de Grof Siegfried ên Dag zum Napoléon sot, we' en no Letzeburg ko'm: Sire, c'est de l'huile qui vous colle le museau!

*Vik:* Abé, du hat en nemmen d'Wo'recht gesot! Mè ech wonnere mech, Papp, iwer Ert Gediechtnes. We' mat Dir dat, fir all de' Sâchen aus der Weltgeschicht ze behalen?

*E'm Misch:* Abé, dat well ech der son! Eng Maschin, de' kên Ueleg kritt, bleift ston. E pur Drepsen Uelech am richtegen Ament dêt all Rieder nês rullen. Grad eso'

ass et mat onser Denkmaschin. We' ass et, Vik, gi mer ons schon?

*Vik:* Ech mèngen, et get dès Gudden zevill.

*E'm Misch:* Tue recht und scheue deine Schwiegermutter nicht! sot mein Hunneghèr, den alen Uedem am Paradeis. Elo, Viktor, get nach eso' eng ganz kleng probe'ert. Iwins, sot mein ale Kapitän, mèngt dir, ech ge'f eso' e Gliesche fèrten? En alen Zaldot muss emmer durhalen, a wann der Deiwel, en Af ge'f. Prost, Vik!

*Vik:* Prost, Papp, mè dat elo ass de' lèscht, dat schwiren ech!

*E'm Misch:* Abé, da ge' elo iwer, mâch, we' ech gesot! Elo hues de dat richtegt Feier am Leif. Schlo op den Desch a so .... (Spektakel hannert der Bühn): Vik, elo kent se! Sauve qui peut! (Hie verstoppt sech hannert de Kanapé, de Vik ennert den Desch. D'Dir fle't op.)

**5. Scén.**

*De' Vïreg. De Jang.*

*Jang:* Himmeldonnerwieder! 'T ass fir an eng Hèng ze krauchen! Hätt ech dach nemmen d'Bê gebrach, we' ech elir an det verjaust Gebei freie ko'm! Wann dat net ass, fir d'Gielzecht ze kre'en, da well ech en Orang-Utang sin, da we'sst ech ower gèr, wat do nach derbei muss kommen. Wat e Framensch! Wat muss dén ârme Schwe'erpapp bei dèr ausstoen, dé Mann dêt mer all Dag me' léd, eso' eng gutt trei Haut ....

*E'm Misch:* Nobel a fein!

*Jang:* We'? Ass ên hei? Huet ên sech elei verstoppt?

*Vik:* Zwê so'gur!

*Jang:* (hieft d'Descheldueh op a kuckt drenner): Wat? Bass du et, Vik?

*Vik:* We's de geseis!

*Jang:* A wat mechs du do?

*Vik:* Ech spille Fänker mam Schwe'erpapp! (klemmt eraus).

*E'm Äisch:* (kuckt hannerm Kanapé eraus): A, Jang, hass du et?

*Jang:* Main Papp, mè wat mat Dir hannert dem Kanapé? Ass èppes elei geschitt?

*E'm Äisch:* Bis elo nach net, mè et kann all Ablack èppes gesche'en. Ass d'Mamm bei dir?

*Jang:* Jo, s'ass bei mir.

*E'm Äisch:* (klemmt eraus) Da kommen ech. Dann ass d'Wieder nach weit ewèg.

*Vik:* Wèss du èppes vum Joly?

*Jang:* Ech? Kèng Idi! Zenter 3 Dég hun ech de Joly net me' gesin a gehe'ert! Iwerhapt, wann ech dat Vẹ' erweschen, dre'en ech him den Hals em. Et ass schold drun, datt ech elo dohêm eng Szén erlieft hun, we' ech se net fir me'glech gehal. Ech so'tz mam Finny grad beim Kaffi, elei schellt et émol, zwêmol, zengmol, zwanzegmol. Mir sprangen op a rènnen d'Dir opman, wie stêt do: D'Schwe'ermamm, mat engem Gesîcht, we' wa s'ê lieweg ofschlecke wellt, de Prappli he'ch an der Lûcht, datt ê gemênt huet, se wellt engem d'Hirschuel splecken. Ech wollt er frentelech gudde Murge son, hei baupst se mech un, wat ech mam Joly gemat hätt. Ech hätt dat onschöllegt De'erchen emmer um Napp gehat, elo wär et verschwonnen, an ech we'sst ganz secher, wur et hikom wir. Natirlech hun ech he'ch an hèlleg geschwur, ech wösst kê Pipcheswurt dervun, ower sie wor net me' ze zessen an ass emmer me' an den Eifer geroden. Dem Finny ass zo'gudderlescht d'Gal gebascht. An der e'schter Oprégong sot et, et wär dach kèng Mane'er, engem vrun alle Leitt scho murgesfre' op der Strôsz eso' eng Scén ze man, sie sollt dach an d'Haus erakommen an iwrigens, wann ech èppes behapten an dobei bleiwe ge'f, da wär et och eso'. Mè ech mèngen! Do ko'm d'Finny

sche'n un. Hatt sollt nemmen de Mond halen, wann all Vulle peifen ge'ren. Et wär besser, et ge'f sengem Mann e Knapp un de Paletot ubitzen a seng Box obbige'en, aplaz e we' e Landstreicher a Fechtbrudder dorëmmer lafen ze lòssen. An iwregens, sei ganzt Haus wär démno. Ob et dat bei hir gele'ert hätt an dès nach me'. Zo gudderlèscht huet se sech an enger Hossecht emgedre't a fort wor se. Elo setzt d'Finny dohêm ze kreische we' eng Muedele'n, an ech sin ugâng, wèll ech dat Geso'ers fir neischt a nach emol neischt net ausstoe kann. Mè dat könnt Der mer frei gléwen. Papp, eso' därf et dach net weidergon. All Respekt fir d'Schwe'ermamm! 'T ass eng Fra, de' an hirem Liewe vill geschafft a mattgemat huet, 't ass eng hirzensgutt Fra, wa se gutt obgeluegt ass; awer gare, wann er èppes net rîcht reîsst, wann er èppes iwer d'Liewer gelaf ass, da kent kê Mensch er me' aus de Fe'ss, da wär s'emstand, mat eiser Herrgott Streit unzefänken. Ass dat net onerhe'ert, d'Finny eso' ze verbotzen, wèll et emol eng Ke'er iwersin, datt mir e Knapp u meneger Schipp gefélt, datt mein ênt Boxebên e besche geronschelt wor an um Fensterbriet am Salon eng Grimmel Steps lo'g?

*Vik:* Wor dat da wo'er?

*Jang:* Et wor wuel wo'er, mè vun dausend hätt vleicht ên et bemîrkt . . . .

*Vik:* A, der Schwe'ermamm entgêt neischt. De' Fra huet eng Dosen Aan. Bei hir muss alles we' gelèckt sin. So' gèr ech meng Fra och hun, sie kent net un d'Schwe'ermamm erun, wat de Stot an d'Haus ugêt.

*Jang:* Meng och net, mè de' Kanner man dach, wat se können. An durfir mecht et mech stirweskrank, wann d'Schwe'ermamm eso' en Theater oprîcht, ech kann dat émol net erdroen, meng Nerve si kapott, lo gin ech mer an d'Apdikt Drepse froen . . . .

*E'm Misch:* Da setz dech, Jang, hei bass d'an de' richteg Apdikt kom, an hei ass d'Fläsch mat den Drepse fir

eso' kritesch Fäll. Elo huele mer emol eso' e klèngt Glieschen an da berachele mer ons, wat ze man ass. (E schènkt dem Jang eraus; durno dem Vik).

*Vik:* Mir net me', Papp, em Himmelswellen! Ech spiren e schons!

*E'm Misch:* Lôss dech net ausiâchen, Vik! Zenter we'ni mecht eng Medezin we' de' hei ê krank? Wann ech, en ale Grognard we' ech, op dén de Napoléon stolz gewiescht, un der Spetzt vun dem Sturmbataillo'n obmarje'ern, da wèrts du, mein êlsten Edem, net Sabel a Gewir ewegwerfen a fortlafen. Allé hopp! Prost, Jang! (schockt mat em). Prost, Vik! (dito) Tre'scht iech Jongen, mar ass alles vergiess!

*Jang:* Papp, et ass e Gleck, datt mer Iech hun, fir nês alles anzerènken, wat d'Schwe'ermamm zum Onwé mecht.

*E'm Misch:* Vik, dann drenk dach aus! Du hues nach emmer de richtege Courage net! Lôsst mer nach eng po'tzen, soss gêt et nês we' elo e'nescht, we' de Jang ko'm. Hackertjeft, wat wor ech erfe'ert!

*Vik:* Dat mèngen ech eso'! A Jo an Amen so'tz Der hannert dem Kanapé an huet mech stoe gelôsst! Wann et nu wirklech d'Schwe'ermamm gewiescht wär, dann hätt ech gehângen an d'ganz Britt op de Bockel kritt.

*Jang:* Du so'tz dach drechen ener Dâch!

*Vik:* Gewess, wèll mer am lèschten Ament de' gutt Idi ko'm, vrun de Bommen an Granaten en Ennerstand opzesichen, zemol we' de Schwe'erpapp eso' erbärmlech déserte'ert ass! Wat engem Zaldot erlabt, ass engem Zivilist dach net verbueden!

*E'm Misch:* Abé, des Ke'er get durgehal! Dir sitt Zeien! Lôsst se kommen! Prost! Dorophin get nach eng geholl! (schènkt an.)

*Vik:* Onbedengt musse mer de' Ke'er stawer bleiwen; wur gêt dat hin, wa mer emmer an emmer den Dad-

der kre'en, wa nemmen de Schied vun der Schwe'ermamm zum Schlessellach eralûsst!

*Jang:* Jo, et ass Zeit, datt de' Fèrterei en Enn kritt. Elo si mer drei stârk Mansleitt, dorenner en halwe Generol vun der Letzeburger Arme', ge'ngt ên ênzegt schwâcht Framensch. Wa mer do nach net durhalen, dann ass et, fir un der Menschhêt ze verzweiweln.

*E'm Misch:* So' ass et, Jang. Abé gutt! Lo gi mer direkt zum Ugreff iwer! Gitt allebe't ro'eg hêm, a wa se da kent a nês ze duddern ufänkt, da schlot der mat der Fauscht op den Desch a sot (Spektakel hannert der Bühn, de Misch rifft erschrèckt): Jonge, verstoppt iech, lo kent se! (Hie wellt schnell hannert de Kanapé, de Vik ze't en zreck; de Jang kreicht enert den Desch).

*Vik:* A nén, Schwe'erpapp, dat get et net! Dir huet ons Ert Zaldotewurt gin, lo bleift Der hei an da fale mer zesummen um Schluechtfeld.

*E'm Misch:* Ma Vik, sief dach verstänneg! Du spirs jo, datt ons nach emmer de richtege Mutt fir ze stierwe félt. Kuck, de Jang huet sech schons a Secherhêt bruecht.

*Vik:* Do soll ower desen an dén draschloen! Also' hien, dén elo e'nescht so' hârt gete'nt, hien ass den e'schten, dén durch d'Bascht gêt. A vru wiem? Vrun engem Framensch!

*Jang:* Nê, vrun onser Schwe'ermamm!

*Vik:* (kuckt enert den Desch): A, du hues meng Mautsch besat. Gês d'eraus elo! (Et he'ert ên nês Spektakel hannert der Bühn).

*E'm Misch:* (sprengt hurteg hannert de Kanapé): Tommel dech, Vik, se kent!

*Vik:* (opgeregt): Tommel dech! Tommel dech! Mè wur dann? Dir zwê huet de' bèscht Plaze besat!

*E'm Misch:* Klamm hannert den Auerschaf!

*Vik:* (klemmt derhannert) 'T ass nawèll wo'er!

6. Scén.

*De' Vireg. De Benn* (kent an enger Roserei eran).

*Benn:* Do hun ech awer schons allerlé erlieft, mè nach neischt we' dat elo. Ech wor zo' Arei op der Universite't, ech hun an Holland de gro'sse Krich matgemat, ech könnt 20 Bicher schreiwen iwer dat, wat ech schons gesin a gehe'ert hun, ower dat alles ass eng Kannerei, wann ech u meng Schwe'ermamm denken. De Griechen hir Erynien, de Re'mer hir Furien a we' de' rosen Zaraen dann allegurt hêschen, können hir de Bass net halen. Mein Hunneghèr, de gro'sse Mathematiker Archimedes, wollt d'ganz Welt vun engem feste Ponkt am Universum aus, rang! aus den Angeln hiewen an huet gemênt, wat Wonnesch en domat lêschte ge'f: Meng Schwe'ermamm brauch durfir nemmen hir Zong. Mè dat ass ower och eng! Wa meng Schwe'ermamm se a Gank sètzt, da lafen de' aner Leitt all we' Huesen, de' eng Haraspel an d'Hennescht gestach huet. Fre'er hun ech den Uz mat menge Frenn gemat, wa se iwer hir Schwe'ermamm geje'mert hun, ower ech mengen eso', d'Lâchen ass mir grentelech vergâng, an et ass e Gleck, datt de Schwe'erpapp heiansdo nach eng gutt Fläsch am Keller huet, fir ên ze tre'schen, wann ê sech an der Verzweiwelonk e Lêd wellt undin. Kuck, en huet schons alles durgesat, de brave Mann, grad we' wann e mech erwart hätt. (Schènkt sech an). Prost, Schwe'erpapp, du solls liewen!

*E'm Misch:* Prost!

*Jang:* Prost!

*Vik:* Prost!

*Benn:* Wat der Schennecker? Elei gêt et net richteg zo'! Ech gléwe wuel net u Gêschter, mè schons de Gœthe sot, et gesche'chen allerlé gelunge Sâchen teschent Ird an Himmel! (Kuckt hannert de Kanapé; den E'm Misch hieft grad de Kapp an d'Lûcht). Jéromni, de

Schwe'erpapp hannert dem Kanapé! Ma E'm Misch, wat mat Dir do?

*E'm Misch:* Fro d'Schwe'ermamm. Benn, de' wess et! (klemmt eraus).

*Jang:* De' wêss et! (klemmt eraus).

*Benn:* Hei de Jang!

*Vik:* Jo, de' wêss et! (klemmt eraus).

*Benn:* An elei och de Vik! A wat zum Guckuck huet dat alles ze bedeiten?

*E'm Misch:* Wor d'Mamm bei iech dohém?

*Benn:* Ech mèngen eso'! Se ko'm zur Dir eran we' e Wieder an durch all Zemmer we' eng Trendel d'Trap op bis ennert de Speicherdâch, wo'bei se an engem Steck de Joly geruff huet. Ech sot: «Ma sot, Mamm, de Joly ass net bei ons.» Mè do hat ech dem Hèr un de Frack gegraff. Donnerknippchen, wat huet de' Fra en Dictionnaire vu Wirder! Ech wètten, se kènnt me' De'renimm we' den Uedem am Paradeis. Heiansdo hun ech versicht, alt emol e Wurt derteschent ze werfen, vergiewes, ech ko'm net un. Wat wesst ech, wat am Haus virge'ng! Ech se'tz jo emmer hannert dem Humpen, wa net uewe beim Meyer, dann enne beim Millère. Mir könnt ên d'Fra an d'Kanner mat dem Buttik ewegschlêfen, ech gese'ch et emol net. Ech hätt mech a mengem Liewen nach net midd gemâcht, a wann ech och honnertmol an dèr groer Schîp doremmer lafe ge'f. Ech wär nemme gutt, fir de' aner Leitt op de Bam ze dreiwen, ech ge'f eso' deck a fett, datt ech kèng Box me' zo'krît, etc., etc. An dém To'n go'ng et weider, bis d'Gre'tche sech dra gemescht an am Spâss gesot, ech wär am Ge'endêi d'Se'l vun der Abrecht, ech könnt ustreichen, Holz séen a wat wêss ech nach. Mè dat wor Ueleg an d'Feier! Ech hun de' ganz Abberzuel net behal, mè dat mannst derbei wor nach, datt d'Gre'tche mer mat der Kirbîscht de Reckstrank ersiele sollt, wann ech nês eng Ke'er em 5 Auer murges hêmke'm, we' d'lèschter, wo' ech mam Jang

no Hamm op de Fuesbal vum Orphéon wor. Sie hätt mech schons lâng an d'Rei kritt, mè d'Gre'tche wär zevill eng gutt domm brav Toz, de' mir emmer Recht ge'f a sech kujene'ere le'ss, aplaz mer emol grentelech den Af opzeresein. Wann et net eso'vill Energie hätt, fer mir d'Levitten ze liesen a mech dohêm ze halen, da breicht ech och net ên Dag bei sie jamern an unhalen ze kommen. Sie hätt him et elo schons dax genog gesot, we' et sech ulée sollt. Wann et me' gescheit wellt sin an hir net nolauschtere ge'f, da könnt et bei de Guckuck gon.

So' sot Schwe'ermamm, jo, dat sin hir ége Wirder. Ass dat nun ower eng Ried! Wann ên nach eng le'f verstänneg Frächen huet, da muss ausgerèchent d'Schwe'ermamm kommen an eso'lâng steppeln a stecheln, bis s'engem d'Fra ganz bûschdeg a rabbelkäppech gemat huet. He'ert, Papp. Dir ge'ft mer e gro'sse Gefale man, wann Dir der Mamm op eng giedeleg Art a Weis beibrenge ge'ft, datt sie ê fir allemol mat dém e'wege Picken a Steppeln ophale sollt. Ech wêss jo, sie mèngt et net eso' schlecht. Ower ob sie et gutt oder schlecht mèngt, et kent op ênt eraus! Sie pickt an zèckt a steppelt an trijakt, bis engem d'Gal bascht an ên drun ass, fer hir mam Henneschten an d'Zänn ze sprangen . . . . . .

*E'm Misch* Em Himmelswelle, Benn, mâch neischt eso'! Do ge'fs de dech al an d'Picke setzen! Komm, tre'scht dech! De' Sâch ass net eso' schlemm. So dem Gre'tchen, et soll nemmen derfir surgen, datt et mar de Metteg e gro'sse Bîz Schlûtchen um Desch stoen huet, wann d'Mamm nês ugezue kent. Du wêss jo, dat ass eso' hir Gewunnecht. Firte'scht gêt se d'Kanner gutt verbotzen a rose man an da reckt se dagsdrop mat allerlé Fiueden a Kochen un an drenkt mat hinnen eng hallef Dosen dèr gro'sser geblumlechter Jatte Kaffi, we' wa glat neischt virgefall wir.

*Benn:* 'T ass égal! Den alen Cicero wor e gedellege Mann an dach sot e vu senger Schwe'ermamm: Quousque tandem abutere patientia nostra! Op d'Längt hält kên Deiwel eso' èppes aus!

*E'm Misch:* Benn, folleg mir! Lôss d'Mamm duddern an dédégen an huel — we' ech — d'Liewe vun der sche'ner Seit! Du wors op 10 Universite'ten, du wors bal Professer gin, du verkêfs de Leitt haut fir e Frang de' hext an hellegst Gidder vun der Menschhêt, du bass de Stuel vun engem Patron an Arbechter zo'gleich an du le'ss dech vun denger Schwe'ermamm aus dem Gleis werfen! Wo' bleift do deng Philosophie? (Helt d'Fläsch erbei.) Kuck, hei ass meng! E Fangerhutt vun dèr am richtegen Ament, dat wîrkt Wonner. Jongen, iech félt et all u Philosophie. Lo get des Fläsch eidel gemat, an da wèrd der gesin, we' èrt Denken so' philosophesch get. (Schenkt dem Vik an).

*Vik:* Halt! Halt! mir net me', Papp. Ech he'ern obémol all Philosophen am Himmel sangen.

*E'm Misch:* Topert, huel nach eng, dann he'ers d'och d'Schwe'ermamm drenner! Kuckt, Jongen! ech fille mech eso' jonk we, vru 40 Jor, we' ech freie si gâng. Wann ech iech gesin, da mèngen ech, ech gese'ch mech sèlwer, we' ech du wor.

*Jang:* Mè sot dach emol, Papp, we' wor d'Mamm démols?

*E'm Misch:* Démols? Mè si wor dat flottst, dat schickst, dat leschtegst Médchen am ganze Faubourg.

*Benn:* An Dir dé flottste Borscht op 20 Stonnen am Emkrês, hun ech mer soe gelôst.

*Vik:* E gewixte Kadett, we'nt dém senger d'Bauremédercher op de Kirmessen sech de Chignon ausgerappt.

*Jang:* Meng al Tata Siss muss och alt hémlech en A op iech gehat hun, wèll si sét emmer, a ganz Eiropa wär kê me' sche'nen Zaldot gewiescht we' de Bangerechs Michel an der Felduniform.

*E'm Misch:* A. Jongen. so' wor et. Neischt stecht de Fraleitt me' an d'Aan we' de' blenkeg Knäpp! An dorob sin ech en Zigar zum bèschten. we' se nemmen den ale Gro'ssherzog Adolf gebrâcht huet. Démols huet eso' eng 5 Mark kascht. echten Havannah. dat Feinst vum Allerfeinsten. (Heit d'Kescht vum Schaf erof).

*Vik:* Mè Papp. a wat get dat. wann d'Schwe'ermamm kent? Dir wesst dach. datt Der nemmen op hirem Namensdag all Jor eng ênzeg râchen dèrft.

*E'm Misch:* Wat dat get. Vik! So emol. sin ech elei Hèr am Haus oder sie?

*Vik:* Gewess si Dir den Hèr am Haus mè sie ass d'Madame.

*E'm Misch:* An ech si siwemol dékore'ert! Ass dat vleicht neischt?

*Jang:* Siwemol. Dat zielt net bei der Mamm! Sie rèchent nemme mat der Bäckeschdosen.

*E'm Misch:* A wie setzt am Gemengerot. sie oder ech? A wien ass Scheffen. sie oder ech?

*Benn:* Gewess si Dir Scheffen am Stadthaus. mè heihêm ass sie Burgermêschtesch.

*E'm Misch:* A wien huet d'Box, sie oder ech?

*Jang:* Dat wêss ech net! Mè wien der alt bei d'Box kritt, dat mîrkt ên.

*E'm Misch:* Abé, des Ke'er gêt der Kaz de Schwanz aus! Lôsst se kommen! Ech fille mech eso' stârk, datt ech en Haus emreîsse könnt; a wa s'och we' de Goliath mat engem Ieselskönnbak op mech durke'm, ech sét we' den ale Mac Mahon um Eifeltour: J'y suis, j'y reste! Gelt. Benn. dén elei ass an der Literatur a Weltgeschicht beschloe we' e Professer. Prost, Jengelcher!

*Benn:* Prost, Papp! Un Iech ass alles Plusqueparfait: Ere Schnickes. Er Havannazigaren, Ere gudde Witz! Blo'ss mat der Mamm sitt Der nach emmer beim Imparfait.

*E'm Misch:* Nun he'er emol ê Mensch dén ale Sprochmates! Abé, Benn, lôss gewèrden! Wann ech mech gutt erennern, da kent nom Imparfait de Fütür. An du solls emol gesin, we' d'Mamm am Fütür get. Elo ass se nach, wat ê nennt, an de Lemmeisjoren. 4 Edemen an eso' kurzer Zeit ze kre'en, dat ass bal so' schlemm we' ve'ermol dèfen ze missen oder ze verbrennen. Do muss èn Energie hun, an dat ass et, wat d'Mamm iech weise wellt. Nach dièscht huet se sech bei Ernstesch Fenn dat Boch kaft: Praktische Ratschläge für angehende Schwiegermütter: Wie werde ich energisch? Für fufzig Pfennige. — Ech mèngen, et wär dach vleicht dat klîgst, hir Autorite't démiddeg unzeerkènnen. Vleicht krite mer dann me' eng liberal Diktatur.

*Jang:* An ech bleiwen derbei, datt mer ons net vun der Mamm terrorise'ere solle lôssen. Et ass jo me'glech, datt se èn Dag me' gelend Sêten opze't, mè fir elo ass se einfach schrèckiech, an ech wir derfir, den De'wel durch de Belzebub auszedreiwen an hir emol èckiech d'Zänn ze weisen. Sot sèlwer, Papp, ass dat eng Art a Weis, we' se mat Iech emsprengt, mat engem Mann . . . . .

*Vik:* Nobel a fein!

*Jang:* We' Dir! Se kujene'ert Iech op all Mane'er vu murges fre' bis owes spe't; se spèrt Iech Er Zigaren an, get Iech Sonndes 10 ganzer Su an d'Täsch; dreift Iech all gudde Bro'tdag aus Erem Staminé eraus a wat wêss ech nach! Wa mir Edemen als galant Kèrelen ons och alles vun hir gefale lôssen, da könne mir dach net zo'gin, datt Dir, Schwe'erpapp, de feinste Mann weit a brét, dén am Manöwer aus dem Kinnek Wellem senger Branntweinskluck e Schotz gedun, vun engem Framensch, ausgerèchent vun eso' engem, op eng onmenschlech Art a Weis gelästert a verdillegt get. Nên! Elo si mer grad an der richteger Stemmonk, fir blannemännches de Le'f mat den Hirner ze krue'len, elo gi mer drop lass, lo rabbelt et an der Kribänk, elo furen d'Fatzen no alle Seiten, elo . . . .

*E'm Misch:* Abé gutt. Jongen! Da gitt elo sche'n hêm. a wann d'Mamm da kent a mat iech ubändele wellt, da schlot der mat der Fauscht op den Desch a sot (Spektakel): D'Zigaren aus! Jongen. se kent! Verstoppt iech! (Wöllt nês hannert de Kanapé).

*Vik:* (hält en un): A nê. Papp. elo laft Der net fort! Elo get durgehal!

*Jang:* Dén e'schten. dé fortlêft. get erschoss!

*Benn:* 4 ge'ngt ên! Mir musse Mêschter gin! (Radau).

*E'm Misch:* He'er, he'er! Wat e Spektakel an der Trap! Dat ka sche' gin!

*Vik:* Abé, ech hun de Mutt a gi kucken! (E lêft op d'Dir zo' a strèckt de Kapp aus; e Plo'fert vu Blummendöppen, de' eroffalen). Kreizbên, et ass se! (Schle't d'Dir zo'). Sauve qui peut! (Se rènnen doremmer, fir sech ze verstoppen; de Schwe'erpapp sprengt hannert de Kanapé. de Vik hannert den Auerschaf. de Jang hannert den Uewehlech. de Benn enert den Desch. Hir Zigaren dämpen obémol rechts a lenks mächteg an d'Lûcht).

### 7. Scén.

*De' Vireg. De Batty.*

*Batty:* (kent erageschoss, schle't d'Dir an enger Roserei zo'). Nondi-nondi-nondikass! Muss ên och nach an dèr verdammter Trap zwêmol ausretschen an d'Kribänk mat de Blummendöppen emgeheien, datt ênt hott, dat anert har d'Trapen ofrullt. De' Trepplenken sin émol zevill onkamo'd. et get mech Wonner, datt nach kên den Hals gebrach huet, d'Schwe'ermamm alt zum Exempel. Mè de' wescht mat hire fofzeg Jor de' 3 Stäck op an of we' d'Engelen op der Himmelsléder. Wann de' Fra dach ro'eg elei op hirem Hengerjuck setze ble'f an hir Strömp flecke ge'f, aplaz engem an aller Herrgottsfre' mat der Dir an d'Haus ze falen a Kniecht a Méd ze verbotzen. bis dén ên oder dén aner sei Bendel mecht an undreckt. Sie ass

nach ganz vum ale Schlag, sprengt mat de Gesenner em we' zo' Mathusalems Zeiten a wellt émol neischt dervu wessen, datt ên hautt Hänschen undi muss, fir mat der Joffer Mod oder dem Hèr Kniecht ze schwätzen. Zwanzegmol hun ech dir dat schon ze verstoe gin, et ass emmer de' al Leier. Kent se onversins an d'Stuff an erblext se do e besche Steps op engem Miwel, da get firte'scht meng Fra erwettert, an dat net ze knapp; durno sche'sst d'Schwe'ermamm dann aus an d'Kichen a vernaxelt d'Médchen, bis dat an engem Irger era bläre kent a sét, et ge'f seng 8 Dég. — Oder de Kniecht kritt zur Ofwiesselonk d'Levitte geliest, wèll den Hond net ugestréckt ass an am Gart doremmer lêft. Natirlech hält de Jong net stall — hien huet och e gutt Mondsteck — an äntwert me' oder manner frech, sie hätt him neischt ze soen, an dann ass de Kame'di do. Möschen ech mech dran, dann hêscht et gleich, mir Mannsleitt gese'che jo neischt de Steps könnt e Méter he'ch op mengem Schreifdesch leien a mech friessen, ech gese'ch et dach net, ech wir nach nie un Urdenonk gewinnt gewiescht, an dèr Komplimenten nach eng ganz Litanei. Mè dat vun hautt de Murgen huet dem Fâss de Buedem ausgeschlon. Ko'm se jo net steif a fest behapten, onse Pitt, de Kniecht, dé schons 20 Jor bei mengem Papp se'leg geschafft, hätt hir geschter e Pak Sâchen an d'Haus bruecht a misst wessen, wo' hire Joly dru wär. We' wann de Pitt Zeit gehat hätt, no hirem éfällege Vede'er ze kucken. Ower eso' sin de' Schwe'ermammen! O, ech versti schons, firwat en extrat Feier fir de' Zûcht am Fegfeier brennt.

*E'm Misch*: Kuck, Batty, we' et dämpt!

*Batty:* (kuckt em sech) We'? Ass ên do? A wat dämpt eso'?

*E'm Misch:* De Schwe'erpapp! Gudde Murgen; Batty! (klemmt eraus).

*Vik:* Gudde Murgen! (klemmt eraus).

*Batty:* Heielei de Viktor!

*Jang:* Hei ass nach ën! Moin! (kiemmt eraus).

*Batty:* An de Jang! Do soll jo eng ronn Bomm . . . .

*Benn:* Alt e besche lues! Ech sin och nach hei! Gudde Murgen! (kiemmt eraus).

*Batty:* (fällt op de Kanapé) Erlabt, datt ech mech setzen! Eso' èppes hun ech mei Lebchesdag nach net erlieft. Dir kommt mer vir we' d'jong Gèssen an der Séchen, de' sech vrum Wollef verkroch haten. A wie fèrt der dann?

*All:* (matenên) D'Schwe'ermamm!

*E'm Misch:* Wor se nach net bei dir?

*Batty:* Gewess wor se bei mir! Ke'm ech soss an aller Pèrdsfre' de' verflucht Trap erobgefall, fir Iech soen ze kommen, datt d'Gal mer bascht, datt ech explode'ern we' e Polverfâss, wann Dir Iech net an d'Mettel lét an d'Mamm dervun ofhalt, mer all 8 Dég mat hirem onsennege Gedimmers d'Kniecht an d'Méd verdreiwen ze kommen. De' Fra ka neischt gesin, wat net tipptopp an der Rei ass; sie bascht direkt lass a sètzt jidferengem den Teppel op den I a net ze knapp. Hautdesdags muss ên ower bei villem d'An zo'drekken a sech op d'Zänn beîssen a net man we' sie, de' mat be'de Fe'ss an de Plättel sprengt an dobei an de Brei facht, datt d'Flâtschen doremmerfuren. We' gesot, Papp, mat dém Buttek en Enn, oder mir rènnen ên Dag grentelech ausernên, et ass mei vollen Irscht.

*E'm Misch:* Jéjé, Batty, du muss de' Sâch net eso' tragesch huelen. Zenter datts du am Bitz de Wallenstein matgespillt hues, mèngs du, et misst alles gleich mat enger bluddeger Katastroph ausgon. Wat d'Schwe'ermamm spillt, ass nemme Kame'di, an doriwer lâcht ê sech e kromme Bockel. Wat schwätzt de vun Ausernêlafen? Domme Jong! Hei ass de Colle, dén alles nês zesummeleimt. (Schött eraus). Prost, Batty! Du hues ons nach geféIt am Krichsrot! Hei, Vik, hei, Jang, hei, Benn, kommt erun a schockt mat ons!

*Jang:* Schwe'erpapp! Schwe'erpapp! Wa mir eng an de Batz kre'en, da musst Dir fir ons de Bockel durhalen.

*Vik:* De' wivillt ass dat elo schons, Papp? Dir sitt vu Stol an Eisen, Dir wort beim Kontinent, mè mir aner sin eso' Strapazen net gewinnt.

*E'm Misch:* Nun he'er mol ê Mensch! An du wells mein Edem sin! Schumm dech! Hei, Batty, stiech der de' Herzogszigar an de Bak! Setzt iech, Jongen, mir hu grad so'vill vum Setzen we' vum Stoen. Kuckt, elo ass den he'je Krichsrot vollzieleg. Elo oder nie musse mir e grosse Krichsplang ausarbechten, fir der Schwe'ermamm beizekommen. Mir mussen sie op d'Kne'en zwangen, mir mussen er irgend èppes undin, datt se fir emmer sech ons ge'ngtiwer klèng fillt a net me' eso' keng ass, op d'he'cht Pèrd ze klammen.

*Jang:* Dem Papp seng Idi ass ganz richteg, ower wo'mat kre'e mer d'Schwe'ermamm zahm, do leit den Hoken.

Benn: Wann ê vun ons sech als Gêscht verklêden a se fèrten de'ng!

*E'm Misch:* Fèrten? Dé ke'm gutt un! Sie fèrt kên Do'd a kên Deiwel a wär emstand, eso' engem Gespenst all Repper am Leif mat hirem Prapplistill ze krächen.

*Vik:* Wa mer hir we'nt Hausfriddensbroch d'Gendarme schecke ge'fen.

*E'm Misch:* D'Gendarmen! Mè de' fèrten sie! Frot emol an der Kasèren no, watfir e Respekt se vrun der Mimm Marjänni haten de' Zeit, we' mir nach do gewunnt hun. Sie huet en heiansdo de Bart o'ni Sêf gemat, muncherên denkt nach hautt drun.

*Jang:* Mir fällt iwerhapt neischt bei. Ons Schwe'ermamm ass we' eng Festong vum Vaubang. Do fannt Dir kèng schwâch Seit drun.

*E'm Misch:* Wa mir neischt fannen, dann ass de' eidel Fläsch dru schold. Elo get emol èppes aneschtes opgedescht! Vik, komm mir klammen an de Keller!

*Vik:* Em Himmelswelle, Schwe'erpapp, och dat nach! Huelt le'wer de Jang mat, mir ass et an d'Bên geschlon! (setzt sech).

*Jang:* Wêss der Deiwel, elo spiren ech et och an de Fieschten. Papp, huelt de Benn mat, ech muss mech setzen! (setzt sech).

*Benn:* Dat sés de gutt. Jang, we' wann ech eso' stawer wär! (fällt op de Stull). Ei, we' setzt dat sech eso' flott! Elo ge'f ech am le'fste sangen!

*E'm Misch:* Abé merci, dir sitt mer sche'ner! En eso' am Plang ze lôssen, wann de Generalsturm kommede'ert get. Kuckt, et ass mer elo èppes beigefall, wat mer onbedengt feiere mussen. Hautt vru 40 Jor hun ech der Schwe'ermamm de' e'scht Bés gin, dat hêscht, ech hu mir se me' oder manner stiele missen, wèll se dat Gelècks, we' se sét, net ausstoe kann. Et dêt mer nach hautt gutt, wann ech drun denken, watfir e Schmockert ech er démols opgedreckt. Komm, Batty, du bass nach ganz enîchter. Huel de Känki an der Kichen, an da gi mir. En avant, marche! (E'm Misch a Batty of).

*Benn:* Wann dat do rîcht reîsst, well ech Uedem hêschen.

*Vik:* Elo hun ech dèr se'sser Dreppercher zwo' Dosen am Leif a gesin alles duebel. Wann d'Schwe'ermamm elo kent, da sin ech foutu, sét de Franso'ss, ech sin um Stull we' ugepecht.

*Jang:* Mir ass et, we' wann ech zwê Zènner u mer hänken hätt.

*Benn:* Ech hu Ke's an de Bên.

*Jang:* Dorunner ass de Schwe'erpapp schold an de' Bés, de' en der Schwe'ermamm vru 40 Jor gestuel. A propos, huet schons ê vun iech eng Bés vun der Schwe'ermamm kritt?

*Vik:* Ech net.

*Benn:* Ech och net.

*Jang:* We' ech mech bestued hun, wollt ech hier als fresch gebakenen Edem em den Hals falen, mè do ko'm ech sche'n un. «Jéjé,» sot se, «raum an mat dém Afekame'di.» Ech wor paff.

*Vik:* An dem Batty go'ng et grad eso'. Dé krut eng O'erfei op sein Ho'chzeitsdag, mir si bal geplatzt vu Lâchen.

*Jang:* Abé, sot, do kent mir eng Idi. We' wär et, wa mir d'Schwe'ermamm zwange ge'fen, ons 5, dem Schwe'erpapp an de 4 Edemen, eng Bés ze gin?

*Vik:* Nondiflätsch, dat ge'f e Spâss! Mè wo'mat zwange mir se?

*Benn:* Ech wêss et. Mam Joly.

*Jang:* Mam Joly! Du bass gutt geroden! Ja, wa mir dat Ve'de'er hätten, oder we'nigstens wössten, wo' et wir.

*Vik:* Telephone'er emol op de Polizebüro!

*Jang:* Bass de jauseg? Datt den Hèr Kommissär mer äntwert, ob ech vum Lèmmes gebass wär. D'Polizei get sech dach net mat Papageien a Kakaduen of.

*Vik:* Wie wêss, sie huet dach schons me' we' eng Schnèpp gefâng.

*Benn:* Jiddefalls sin ech virwetzeg, wur de Joly hikom ass. (Den Telephon schellt am Eck vum Zemmer).

*Jang:* (sprengt mat Me' op): A wat soll geschitt sin? Vik, komm, ge' mat op den Telephon!

*Vik:* Dajé, Benn, sief net eso' faul, hief dech an hellef mat telephone'ern! (Sie steipen ên dén aner bis bei d'Telephonskescht).

*Jang:* (telephone'ert) Hei Michel Bangerech, Scheffen. A, Hèr Kommissär, si Dir et? So' so'! Also de Papagei ass agefâng an op dem Polizebüro. Dat frét mech! Versurgt e gutt, mir kommen e gleich sichen. Moin, Hèr Kommissär, a villmols merci!

*Vik, Benn* a *Jang:* Bravo, bravissimo! De Joly soll liewen! (Se falen sech vu Fréd em den Hals).

(Den E'm Misch an de Batty kommen alleben mat Champagnerfläschen belueden).

*Benn, Vik* a *Jang:* Papp, mir hun en!

*E'm Misch:* Wien hu der?

*Vik:* De Joly! E Polizist huet en agefâng an op dem Polizebüro ofgeliewert.

*E'm Misch:* Tonnerre de Brest! Dé brave Joly, dé kent ons elo zo' Pâss! Lo kann d'Schwe'ermamm kommen, mir fèrten se net me'. Möll get se gemat we' Kautschuck, em de Fanger geweckelt we' Zwir. Erop mam Stopp, Jongen! Lo sche'sse mer Viktoria! (Dêt de Stopp vu senger Fläsch knalen).

*Vik:* Vive de Schwe'erpapp! (Datsèlwegt Manöwer).

*E'm Misch:* Jongen, de' Stonn elei vergiessen ech eso'bal net me'. We' ass dat eso' sche'n, wann de Schwe'erpapp sech mat den Edeme verstèt, fir der Schwe'ermamm de Kapp ze weisen. Lôsst se kommen! Elo si mer 5 ge'ngt ên, mir sin eso' gutt we' gewonn.

*Benn:* An ech sangen hir e Lidd, datt se direkt knock out ass, wa se d'Nues zur Dir erastrèckt.

*Jang:* Dat ge'f ech ower mol gèr he'ern.

*Benn:* Abé, da lauschter! (E sengt):
Mir brauche gur kèng Schwe'ermamma, etc.

*Vik:* Gro'ssarteg, Benn! Sang et nach eng Ke'er, mir hellefen! (Sie sangen d'Lidd zesummen. Mëtten am Sangen fle't d'Dir op).

### 8. Scén.

*De' Vireg. D'Marjänn.*

*Marjänn*: A . . . . mè dat gese'ch ech dann emol gir! A wat der Schennecker hêscht dat do! An der Trap leien zeng gebrache Blummendöppen. Lei banne man s'e Spektakel, datt d'hallef Stad zesummelêft. Dat sin denger Fisiken, du alen Nar vun engem Kammesbro't-fre'sser! An dir ve'er Dölpessen a lâng Lemmelen hel-

left daper mat! An dat alles op den helle Wirtdeg! Do he'ert d'Welt op! Kuckt, wann ech mech net eso' an der Gitt hätt, wann ech ère Fran a Kanner et undi wöllt, da schle'g ech iech allegurt de Prappli em d'O'ern, datt der schiel ge'ft. Mech eso' ze extern a mengem égenen Haus! De' deier Fläsch Liqueur vum Hèr Paschto'er beienên auszesippen, d'Herzogsziga-ren op e gewe'nleche Bro'tdag, o'ni Respekt an o'ni Verstand, an d'Lûcht ze patschen, an de' 6 Fläsche Champagner, de' ech am Keller vrun 10 Jor verstoppt hat fir ons Gelden Ho'chzeit, ongene'ert eropzeschlê-fen an opzeman, o, et ass onerhe'ert. Feldwebel Bangerech, hu Dir dat alles kommede'ert?

*E'm Misch:* Ech mèngen, dat hêscht, et könnt ê mengen...

*Marjänni:* Mir mèngt, et könnt ê mèngen . . . An ech mèngen, Dir gesitt net me' klor. Viktor, wat mâcht Dir hei?

*Vik:* Frot de Schwe'erpapp! Dé wêss et! Jo, hie wêss et, Schwe'ermamm! Ganz bestemmt, hie muss et wessen.

*Marjänn:* Abé merci! Dé Jongen ass grad eso' tibi we' dén Alen! Sot emol, Jang, firwat si Dir hei?

*Jang:* Fir datsèlwegt, Schwe'ermamm, abselut fir datsèl-wegt.

*Marjänn:* O Mamm, o, Mamm, dén huet och eng setzen. An Dir, Benn, wat wellt Dir?

*Benn:* Sot Dir et, Schwe'erpapp, sot Dir et!

*Marjänn*: Do he'ert ower alles op! Dén ass och alt se'leg! Mè dat ass jo e proppere Schwe'erpapp, dat si mer jo propper Edemen! Net ê me', dé rîcht op de Bê stoe kann. An Dir, Edem Batty?

*Batty:* Abé, Schwe'ermamm, ech ko'm, ech si kom an du wor ech kom.

*Marjänn:* Dén ass alt net besser we' de' aner. Ech mèn-gen eso'. C'est du joli, ça!

*Batty:* Richteg, Schwe'ermamm, richteg! 'T ass de Joly, jo, 't ass en!

*Marjänn:* De Joly! Wösst Der èppes vum Jolychen?

*Jang:* Alles wösse mer!

*Marjänn:* Wo' ass en dann? Da schwätzt dach, ditt de Mond op!

*Jang:* Dat mâche mir, mè firte'scht muss ech eng Bés kre'en!

*Benn:* An ech och!

*Vik:* An ech och!

*Batty:* An ech!

*E'm Misch:* An ech fänken un! (Wöllt op se durgon).

*Marjänn:* (hieft de Prappli an d'Lûcht) Mâch, datt kê mer ze no kent, soss erlieft en èppes! Dir onverschimt Larifarien, wurfir halt der mech?

*E'm Misch:* Abé, dir Edemen, lo get Paro'l gehal! Wann de Joly der Schwe'ermamm kèng hongreg pur Bése wert ass, da kann de Metzler him kurzerhand de Kapp ofhan a Jelli draus man.

*Marjänn:* De Metzler! De Kapp ofhan! O du Mèrder! Dir Mèrder allegurt! Lo gin ech ganks bei d'Polizei!

*Jang:* Schwe'ermamm, bedenkt Iech net lâng (helt d'Auer eraus), an 10 Minuten ass et ze spe't.

*Marjänn:* O dir Bluttseffer, dir Neroen, dir Mensche-schenner!

*Vik*: (helt d'Auer eraus) Nach 5 Minuten!

*Marjänn:* A wat mèngt dir wuel, dir Ruckelspiren! A mengem Liewen hun ech kèngem Mannsmensch seng domm Fassad ofgelèckt, a le'wer lôssen ech mech a Stecker reîssen . . . . . .

*Benn:* An de Joly käppen . . .

*Jang:* De Metzler wart op Beschêd. Nach eng Minutt, dann ass et geschitt! Hie schluecht em des Zeit.

*Marjänn:* O dir le'f Hèlleg am Himmel, kuckt, we' se mir Gewalt undin . . . .

*Vik:* (hält der Schwe'ermamm d'Auer vrun d'Nues) Nach dresseg Sekunden!

*Jang:* (sèlwegte Jest) Nach zwanzeg!

*Benn:* (selwegte Jest) Nach zeng!

*Marjänn:* Abé, dajé! Wèll ech da muss . . . (le'sst sech verzweiwelt an e Stull falen).

*All:* Bravo, vive d'Schwe'ermamm! (Se drecken sech all em se a kessen d'Schwe'ermamm op be'd Baken).

*Marjänn:* (kreischt) O, et ass onerhe'ert, watfir eng Schmod mir a mengem égenen Haus ugedu get. Mè wat mecht ên net, fir engem ârmen Onschellegen d'Liewen ze retten. Nu sot mer we'nigstens, dir Ongeheier, wo' ass dat ârmt le'ft De'erchen?

*E'm Misch:* Et ass op dem Polizebüro, mein Engel, beim Hèr Polizeikommissär . . . .

*Marjänn:* (wescht sech d'Tre'nen of) An durfir si Dei eso' fro'?

*E'm Misch:* Durfir, jo, Marjänni, mè mir hun nach èppes aneschtes gefeiert, an dat op eng Art a Weis, we' et sech passt. Erenners de dech nach, Marjänni, hautt vru 40 Jor, em des Stonn, we' ech am Opdrag vum Hèr Majo'er bei dei Papp an d'Haus èppes froe ko'm...

*Marjänn:* Wor dat hautt vru 40 Jor, Michel?,

*E'm Misch:* Exakt. Ech hu mer et a mengem Boch zu Protekoll bruecht. Hei stêt et.

*Edemen:* Liest, Schwe'erpapp, liest!

*E'm Misch:* A, ech wêss net, ob d'Schwe'ermamm et erlabt.

*Marjänn:* Jéjé, du ge'fs och nach durno kucken! No dém, wat der elo mat mir gemat, muss ech alles iwer mech ergoe lôssen.

*E'm Misch:* Abé dajé, da liesen ech: Protokoll Nr. 2. Geheim. Heute morgen, am 10. Mai 1880, um 9 Uhr, sandte mich der Herr Major mit einem Auftrag ins Haus des Herrn Goldlack, Rosenzüchter. Selbiger war abwesend. Eben wollte ich mich unverrichteter Dinge entfernen, da kam die Tochter des Hauses, die schöne

Marjänni, die Treppe herab. Aus Unachtsamkeit tat sie plötzlich einen Fehltritt und verlor das Gleichgewicht. Ich sprang hinzu und war so glücklich, sie in meinen Armen aufzufangen, wobei ich ihr von ihrem rosigen Mündchen ein Küsschen raubte, welches Unterfangen sie mir mit einer gehörigen Ohrfeige lohnte. Also geschehen und der Wahrheit gemäss bezeugt vom Unterfertigten, Michel Bangerech, Soldat II. Klasse.

*Marjänni:* O du ale Geck, hues de dat och nach missen an dat Boch schreiwen, fir ê ganz schimmeg ze man.

*D'Edemen:* Vive d'Schwe'ermamm! Vive! (Sie sangen): Mir brauchen so' eng Schwe'ermamma, etc. (Iwerdém schocken se mat hir).

*De Rido fällt.*

---

**9. Scén.**

*De' Vireg. Der Rei no kommen den Edemen hir Fraen.*

*D'Anna:* (strèckt de Kapp zur Dir eran) Vik! Hé Viktor!

*Vik:* Komm eran, meng Meischen! Komm sche' bei d'Schwe'ermamm! Fèrt net!

*Anna:* (kent eran) Abé jo, a wat hêscht dat do?

*Vik:* Annachen, sief net be's, kuck, den Hunneg dén ass se'ss sot den Dicks.

*Anna:* Ech mèngen, ech dixen der eng, datts de nach lâng drun denks. Dohêm lêfs de fort, le'ss mech halen a stoen, an elo fannen ech dech elei, eng schwe'er am Kessel.

*Vik*: Ass dat wo'er, Schwe'ermama?

*Marjänn:* Jé, dommt Steck, mâch net eso'vill Gedêssems! Lôss dei Vik a Ro' a sief fro'. datts de eso' e gudde Jong hues.

*Anna:* Ojo! Ech falen op de Reck. Elo e'nescht . . . .

*Finny:* (strèckt de Kapp eran) Jang, mè Jang, a wo' bleifs de dann?

*Jang:* Ech komme gleich, Finny, ech hun nach e pur Affären . . . . .

*Finny:* (kent eran) Ojo, ech gesi schons, watfir Affären dat sin . . . Allez hopp! Lo gês de mat!

*Jang:* Do gesi Der, Schwe'ermamm, we' ê gehetzt get . .

*Marjänn:* Mè so, kanns du dengem Mann net e pur Minutte Rascht gonnen? Muss en dann emmer am Rad sin?

*Finny:* Wor dén elo am Rad? Ma jemmejo! Kuckt emol, wat mecht e fir e pur Aan.

*Marjänn:* A watfir Aan soll en da man? Mengs de vleicht, e misst dech vu murges fre' bis owes spe't bekucken a verle'ft Nueslächer man?

*Finny:* Sot, Mamm, Dir sot dach sèlwer elo e'nescht.... (D'Gre'tchen an d'Marie kommen eran).

*Benn* a *Batty:* Heielei, do sin sie och! (Se lâchen a weise mam Fanger op hir Fraen).

*Gre'tchen:* (schle't d'Hänn zesummen) O Mamm, o Kanner, do setzen se.

*Marie:* (dito) A we' gesin s'aus!

*Benn:* (mat engem Jest fir d'Gre'tchen) Mädel, ruck ruck an meine grüne Seite . . . .

*Gre'tchen:* O wart, komm hêm, ech vedreiwen dir dat Geruckels.

*Benn:* Do he'er Der. Schwe'ermamm, hun ech et nun net gutt gemênt?

*Marjänn:* Tre'scht dech, Jang, et geschitt der neischt. Durfir surgt d'Schwe'ermamm schons, a wann et muss sin, gin ech sèlwer mat iech hêm.

*Marie:* A so', Mamm? Halt Dir ewèll och nach hir Partie! Mè da brauche mir neischt me' ze son, dann he'ert alles op!

*Marjänn:* Jo, dir Tozen, ech halen hir Parti. An dir braucht net blo'ss neischt ze son, dir huet och glad gur neischt ze son. Et sin elauter brav a wakreg Jongen, meng ve'er Edemen. Sie hu mer de Joly erembruecht, mei le'we Joly, an elo gi se mat mir e sichen op de Polizebüro, an da feiere mir bis hautt den Owend, a wann der net bei ons bleiwen a matfeiere wöllt, da gitt hêm, da könnt der mir all am hellen Do gestuel gin, dann huet der kên Hèrz fir Fréd a Lêd vun Erer Mamm. A nu komm, le'wen Alen, kommt, dir le'f Jongen, de Joly get secher schons ongedelleg, hie wär och gèr derbei, wa mir elo feiern . . . .

*Jang:* Wat net all Dag virkent . . . .

*E'm Misch:* D'Fest vun der Schwe'ermamm, hire ve'er Edemen an hirem Papagei! (Sie stellen sech all koppelweis, mat Lâchen a Spâssen, a Positur; iwerdém se ausgin a sangen: Mir brauchen ons brav Schwe'ermama etc. fällt de Rido).